ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Abrëll 2015

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Virun iwwer sechs Joer gouf d'"Fondation de Luxembourg" gegrënnt, eng Daach-Stëftung mat engem primär philanthropeschen Zweck a gläichzäiteg eng komplementar Offer op eiser Finanzplaz..

An dem Zesummenhank wéilt ech dem Här Finanzminister dës Froe stellen:

1. *An hire Publikatioune schwätzt d'Fondatioun vun hirer „total independence"? Ass déi Notioun mat där Tatsaach kompatibel, datt den Här Finanzminister perséinlech President vum „Board of Directors" ass? Wéi definéiert sech déi Onofhängegkeet vun der Fondatioun, wat ass hiren Zweck a a wéi gëtt se garantéiert?*

2. *D'Fondatioun sollt d'Offer vun der Finanzplaz Lëtzebuerg méi komplett maachen. Si huet dofir och eng Rei vu Konferenzen am Beräich vum „private banking" gehalen. Wéi grouss wor den Interessi vun de Banken un där Offer? Wéi eng konkret Resultater a Virdeeler huet déi Fondatioun bis elo dem „private banking" zu Lëtzebuerg bruecht?*

3. *Fir déi Fondatioun och am Ausland méi bekannt ze maache sollt se an der Delegatioun bei Promotiounsreesen a Wirtschaftsmissioune mat vertruede sinn. Bei wéi enge Reese wor d'Fondatioun bis elo vertrueden? Mat wéi enge Resultater?*

4. *Als sougenannte „sozial verantwortlech" Institutioun investéiert d'Fondatioun net automatesch a sougenannte „kontroverséiert" Secteure vun der Economie, wouranner ënner anerem d'Atomindustrie, genetesch modifizéiert Organismen (GMO) an de Spillberäich falen. Theoretesch ass esou en Investissement awer méiglech, wa bestëmmte Critèren erfëllt sinn. Huet d'Fondatioun bis elo finanziell Interaktiounen oder Investitioune mat oder an deene Secteure gehat déi si selwer als „kontroverséiert" bezeechent? Wa jo, wéi eng?*

5. *No engem Audit huet sech d'Fondatioun e „strategesche Plang" fir d'Joeren 2014 – 2018 ginn. Gouf dee Plang publizéiert?*

6. *D'Revenue vun der Fondatioun bestinn ënner anerem aus de „revenus du patrimoine », de « subsides et subventions » an de « revenus générés par la prestation de services par la Fondation ». Op wéi vill belafen sech déi Posten pro Kategorie a pro Joer zënter 2008 ? Ginn déi Revenuen duer fir déi lafend Käschte vun der Fondatioun ze decken? Ass d'Grënnungskapital vu 5 Milliounen Euro nach integral disponibel oder sinn déi am Bilan renseignéiert 3,5 Milliounen de Rescht vum Grënnungskapital? Ass déi Stëftung ouni wieder staatlech Finanzéierung op Zäit iwwerliewensfäheg?*

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten